N° 7053
Entrée le 24.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.10.2022

Lëtzebuerg, den 24. Oktober 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou eréi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Laut dem Här Minister senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5323 vum 2. Dezember 2021, sollten d'Aarbechten un der Entlaaschtungsstrooss zu Iechternach am Oktober 2022 ufänken.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Sinn d'Aarbechten un der Entlaaschtungsstrooss wéi geplangt ugelaaf? Wéi laang wäerten d'Aarbechten fir de Lot 1 „liaison Morgenstern" brauchen?*

- *Kënnt et am Kader vun dësen Aarbechten zu enger Aschränkung vum Verkéier respektiv zu enger Spärung vun der Haaptverkéiersachs iwwer d'Route de Wasserbillig an d'Rue des Remparts? Wa jo, a wéi engem Zäitraum a wéi gëtt de Verkéier dee Moment gereegelt?*

- *Wéini sollen d'Aarbechten um Lot 2 „bypass N11/CR366"* (*Knepperkräizung) an um Lot 3 „voie Charly" ufänken a bis wéini sollen se ofgeschloss sinn?*

- *Wéi eng Mesurë si virgesinn, fir de Respekt vun der maximaler Vitesse ze garantéieren an z'evitéieren, dass Chauffeuren déi nei Entlaaschtungsstrooss als Schnellstrooss notzen?*

- *Wat ass geplangt, fir sécherzestellen, dass Foussgänger a Vëlosfuerer a Sécherheet vun der enger Säit vun der Strooss op déi aner kommen, ouni dass de Verkéier ze vill opgehale gëtt? Ass z.B. eng Bréck oder eng Ënnerféierung virgesinn?*

- *Ass virgesinn, op Plazen wéi z.B. der zukünfteger Busgare oder beim Parking „Bénédictens“, Ënnerféierungen ze bauen, fir d'Sécherheet vu Foussgänger a Vëlosfuerer ze garantéieren an de Verkéier net ze vill opzehalen?“*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN
Deputéiert